Véiert a lescht Etapp vu Miersch op Lëtzebuerg mat Arrivée um Pabeierbierg

De Bob Jungels gewënnt um Pabéierbierg.

Foto Ben Medernach

Véiert a lescht Etapp vu Miersch op Lëtzebuerg mat Arrivée um Pabeierbierg

Spannung wor ugesot wëll virun der leschter Etapp hunn nëmmen néng Sekonnen deen zéngten an deen éischte Coureur am Generalklassement getrennt. Eng ganz Rei Coureure sinn also nach als Schlussgewënner a Fro komm. Finalement wor et den Däitsche Paul Martens deen de Skoda Tour de Luxembourg dëst Joer gewonnen huet. D'Entscheedung zu senge Gonschten ass an der leschter Etapp gefall déi de Bob Jungels gewonnen huet.

Entscheedung an der «Bosse du Papier»

Vun der «Bosse du Papier» hat e franséische Journaliste geschwat wéi am Joer 1989 d'Grande Boucle de Pabeierbierg eropgefuer ass. A genee dëse Pabeierbierg stung als Ofschloss vum Skoda Tour um Programm. Net manner wéi sechs mol huet e misse gemeeschtert ginn. Pabeierbierg, Lampertsbierg, Rollengergronn, Millebaach: dëse Circuit vun am ganze véier Kilometer hat et a sëch an hei ass dann och d'Entscheedung vum Skoda Tour de Luxembourg 2013 gefall.

Beim éischte Passage an der Millebaach louch nach e Groupe vu véier Coureuren a Véierung. Christian Helmig, Moreno Hofland, Perrig Quemeneur a Marco Corti haten nach eng Avance vun iwwert zwou Minutten op de Peloton. Dëss Avance ass ower ëmmer méi kléng ginn ass sou datt et zu engem Regruppement vum Peloton koum. An der zweetleschter Montée vum Pabeierbierg huet de Bob Jungels attackéiert, konnt och eng kleng Avance op seng Verfolger erausfueren. Méi wéi ee Spectateur huet dunn mat enger lëtzebuerger Schlussvictoire gerechent wat ower net si sollt. De Bob Jungels huet wuel d'Etape gewonnen dat ower zäitgläich virum Paul Martens an Jan Bakelants. D'Schlussvictoire vum Tour geet un de Paul Martens. Zweete gett de Jonathan Hivert op 4'' an Drëtten de Jan Bakelants op 6''.

Eenzege Bemol aus lëtzebuerger Siicht: bei der entscheedender Attacke vum Bob Jungels am Pabeierbierg soll eng Onregelméissegkeet vun engem Co-Equipier passéiert sinn soudatt d'Commissaires de Course de Bob Jungels mat enger Zäitstrof vun zéng Sekonnen bestrooft hunn wouduerch hien vun enger méiglecher 2. Platz op déi 5. Plaz am Gesamtklassement zréck gefall ass.

Foto Ben Medernach

Christian Helmig (L/CCID), **Moreno Hofland** (NED/Blanco), **Perrig Quemeneur** (F/Europcar) a **Marco Corti** (ITA/Colombia) haten nach eng Avance vun iwwert zwou Minutten op de Peloton beim éischte Passage an der Millebaach.

Véiert a lescht Etapp vu Miersch op Lëtzebuerg mat Arrivée um Pabeierbierg

De Peloton am **Pabeierbierg**.

Foto Ben Medernach

Véiert a lescht Etapp vu Miersch op Lëtzebuerg mat Arrivée um Pabeierbierg

De **Bob Jungels** huet seng Konkurrenten ofgehaang.

D'Coureuren am Pabeierbierg.

Eng Zuschauerin iwwert d'Ambiance am Pabeierbierg

Ech hunn dat ganz positiv a flott font. Positiv wëll vill Leit do waren a flott wëll d'Leit immens begeeschtert woren, d'Coureuren ugefeiert hunn, virun allem de Bob an de Laurent.
Déi orange Troteren vun Enovos hunn besonneg zu der formidabler Ambiance beigedroen. Ech war frou datt de Bob d'Etapp gewonnen huet an op een Hoer wär et jo och nach duer gaang fir den Tour ze gewannen.



Fotoen Ben Medernach

Foto Ben Medernach

Paul Martens, Schlussgewënner vum Skoda Tour de Luxembourg 2013

ŠKODA TOUR
DE LUXEMBOURG
1er partenaire institutionnel
VILLE DE LUXEMBOURG

ŠKODA TOUR
DE LUXEMBOURG
1er partenaire institutionnel
VILLE DE LUXEMBOURG

En collaboration avec les Communes de Käerjeng, Schifflange, Diekirch, Eschweiler, Wolferdange et Mersch

de Käerjeng, Schifflange, Diekirch, Eschweiler, Wolferdange et Mersch
ŠKODA TOUR
DE LUXEMBOURG
1er partenaire institutionnel
VILLE DE LUXEMBOURG

De **Podium.**

Jempy DRUCKER

Tom THILL

Ben GASTAUER


Laurent DIDIER


Alex KIRSCH

Schlussklassement

1.	**Paul MARTENS**	(Blanco Pro Cycling Team)	16.45'38"
2.	**Jonathan HIVERT**	(Sojasun)	op 4 "
3.	**Jan BAKELANTS**	(RadioShack-Leopard-Trek)	op 6 "
5.	**Bob JUNGELS**	(RadioShack-Leopard-Trek)	op 13"
23.	**Ben GASTAUER**	(AG2R La Mondiale)	op 1'08"
26.	**Jempy DRUCKER**	(Accent Jobs – Wanty)	op 2'14"
44.	**Tom THILL**	(Team Lëtzebuerg)	op 10'44"
49.	**Alex KIRSCH**	(Team Lëtzebuerg)	op 12'20"
51.	**Laurent DIDIER**	(RadioShack-Leopard-Trek)	op 13'19"

Reportage
Ben Medernach a
Roger Medernach